



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8218 vum 8. August 2023 vum Här Deputéierten Marc Spautz.

Ënner Virbehalt vun eventuellen Imprevuen déi mat der Ausschreibungsprozedur verbonne sinn, ass geplangt d'Lizenz fir den Handling am Cargoberäich am November 2023 auszehänegen.

D'Mataarbechter am Cargohandling sinn duerch e sektorielle Kollektivvertrag ofgesécher, an och duerch d'Reglementatioun iwver den Transfert vu Personal am Fall vun enger Lizenziwernam duerch een drëtte Prestataire.

Duerch dëse Changement wäert Luxair sech kënne méi op hir aner Sparten konzentréieren, besonnesch d'Aktivitéiten vun der Airline an dem Tour Operator, wou och an den nächste Jore muss investéiert ginn.

Déi obligatoresch Neiausschreiwung vun den Handling Lizenze baséiert op der EU-Direktive 96/67/CE vum 15. Oktober 1996, déi zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 19 Mee 1999 iwver den "accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg" ëmgesat gouf. Duerch dës Reglementatioun soll een effikassen a adaptéierten Handling assuréiert ginn. lux-Airport, als Gestionnaire vum Fluchhafen, muss sech un dës Prozeduren halen.

Lëtzebuerg, den 6. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch